PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 3697

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.

An menger Fro vum 19ten Februar (n°3677) hunn d'Gesondheetsministesch an den Educatiounsminister erkläert, dass an enger éischter Phase all déi Professionell aus dem Enseignement (Enseignanten, Educateuren a Personal aus de Museksschoulen) géingen Invitatioune fir de Large Scale kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Goufen dës Invitatiounen och un extern Intervenanten, déi zum Beispill fir de *Service de Formation des Adultes* Couren halen, geschéckt?
   Gëllt dëst och fir extern Intervenanten a Lycéeën, wéi zum Beispill dem LTPS?

2. Goufen dës Invitatiounen och un Remplaçante (oft Studenten) geschéckt, déi 1 oder 2 Woche virun de Schoulschléissungen den 8ten Februar an d'Klassen ersetze gaange sinn?

3. Goufen dës Invitatiounen och u Formateuren aus dem INAP geschéckt?

4. Wäerten déi an de virgoende Froe genannte Gruppen am selwechte Rhythmus wéi d'Enseignanten, Invitatioune fir de Large Scale geschéckt kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 3697 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement

Ad 1) an 2)

All Persounen, déi am Enseignement beim Educatiounsministère fest agestallt sinn, kruten eng Invitatioun, fir sech wärend an no der Fuesvakanz am Large Scale testen ze goen. Dat selwecht gëllt fir d'Personal aus den non-formale Betreiungsstrukturen an der Erwuessenebildung. Extern Intervenanten oder geleeëntlech Remplaçantë krute keng Invitatioun bei dëser Campagne. Allerdéngs hat d'Personal aus dem Bildungswiesen, dat keng Invitatioun kritt huet, d'Méiglechkeet, ee perséinleche Code fir de Large-Scale-Testing beim Educatiounsministere unzefroen. 352 Persounen hu vun dëser Offer profitéiert an kruten ee Code zougeschéckt.

Ad 3) an 4)

D'Formateuren aus dem INAP kruten hir Invitatioune fir an de Large-Scale-Testing am selwechte Rhythmus wéi och déi aner Leit, déi duerch hir Aktivitéit kengem gréisseren Infektiounsrisiko ausgesat sinn. Et sief och ënnerstrach, datt de gréissten Deel vun de Coursen am INAP zur Zäit iwwer Webinairen ofgehale ginn.

Déi Leit, déi den Educatiounsministère der Direktioun vun der Santé ugëtt, gi reegelméisseg an de Large-Scale-Testing invitéiert.